

SCHIERBELEN

„Den Dénge as nët méi dran“, sot d’Fra, wéi se duurch de Vakanzkatalog gebliedert huet.

Hien huet näischt gesot. E wouss, datt si vum „Stella maris“ zu Palma géif schwetzen. Duer wire e souwisou nët méi matgaang, d’hallef Zäit war de Kascht eng Zoumudong. An iwverhaapt!

„Ech hun deenen hir Disco bis nuets zwou Auer nach ëmmer an den Ouren“, sot si.

„Da weess de jo, firwat en nët méi am Katalog steet“, sot hien. An handrop sot en nach: „An iwverhaapt!“

„Wat mengs de domat?“

„Fir Rou a Sonn a gudde Kascht ze hun, kënne mer och heiheim bliwen. D’lescht Joër haten se hei e wonnerbaart Wieder, a mir hun eis zu Palma gréng a giel geiergert.“

D’Fra huet de Katalog zougeschlon.

„Fänks de rëm un? Ech hun der scho gesot, wa mer heiheem bliwen, hues du Vakanz an ech spillen Hausfra. Da bleif du hei a kach der selwer. Ech hätt gär méng Vakanz.“

Hie wollt soën, se missten am Eescht drun denken, fir sech en Haus unzeschaffen, mä e sot: „Firwat hues de dann an de Solden di zwee Liegestill kaaft? Dach sécher nët, fir mat op Palma ze huelen?“

An si wollt son, d’Vakanz géng jo méi wéi 14 Deeg daueren, a méi wéi 14 Deeg Palma géng hie jo souwisou nët bezuelen, trotz sénger décker Pai. Mä se wouss, wat da kéim. „Géis schaffen“, géif e son, „dann hu mer der zwou! An iwverhaapt“, géif en da son, „t gët Zäit, datt mer eis en Haus uschaffen.“

Dofir sot s’amplaz: „Du hues iwverhaapt keng Loscht méi, mat mir an d’Vakanz ze fueren.“

Datt hätt se léiwer nët solle son.

„Mengs de t wir flott“, as et du lassgaang, „sech de ganzen Dag nieft dech an d’Hëtzt ze leën. Mueres op de Réck a Mëttes op de Bauch? A jhust opzeston, fir iessen ze gon? Du waars nach ze liddreg, fir een eenzege Ausflug matzemaachen. Duer



Roberto della Libera

hues de mech eleng geschéckt. T huet ee bal gemengt, du wolls ménger fir de ganzen Dag lass sin!“

„Wéi méngs de dat?“

„Ech mengen, wat ech mengen. Wann dee Preis dech mat an d’Disco geschleeft huet, war kee Kaméidi der ze haart!“

D’Fra huet eng Kéier béis gelaacht. „So, bas du éire jalous?“, frot si, a well en nët direkt geäntwert huet, sot se nach, hien hätt se jo nët méi all.

Du huet hie gemengt, en hätt der awer ëmmer nach genuch, fir ze mierken, datt si dëst Joër onbedéngt wëllt op Palma fueren. Hie léiss sech jo gären Haren opsetzen, e géif s’awer nët och nach dohinnerhalen, fir Bikinien an preisesch Schwammboxen drun ze hänken. An iwverhaapt hätten se d’lescht Jor uitgemaach, dëst Joër néirens ze fueren; wéinst dem Haus.

D’Fra as opgestanen a goung bei de Biffchen. An iwverdeems se an engem Tirang gewullt huet, sin d’Tréinen hir komm.

„Eent as sécher, op Palma fueren ech ni méi mat dir!“

„Am léifsten eleng, gelldu!“ O hir war béis. Mä wat mécht se dann elo? Si huet aus dem Tirang eng Enveloppe geholl an se virun séngem Gesi-

icht a Stécker gerappt, iwverdeems hir d’Tréinen d’Baken erofgebockelt sin.

„Wat méchs de do?“

Si huet sturaksech weider d’Schnëppelen op den Teppich fale gelooss.

„Datt s d’et weess: Dat waren zwee Bongen déi mer am Luxairs-Präisausschreiw gewonnen hun. Du has d’Froën selwer am Fliger ausgefëllt. 14 Deeg Palma! Sou, do leien se!“

An domat louch si op der Couche an huet laudenhaart gekrasch. Hie konnt jhust nach verstoen, sie hätt him domat wëllen eng Surprise man.

De Mann sot eng Zäit kee Wuert an huet op séng Fangerneel gekuckt. An du huet e lues gefrot, ob dann do näischt méi ze maache wir, an ob d’Luxair de Wert vun deene Bongen nët géif a bore Mënz rausrécken. „Wéinst dem Haus“, huet en nach gesot.

Du as si op d’Kummer gelaf. Hien huet hiirt Gewéimers bis erof héiren. Bestëmmt hun d’Noperen et och matkritt.

Josy Braun